

Éier ech dëse klenge Bericht iwer d'Erliëfnësser vum Marcel Reuter un d'Lieser vu méngem Buch virugin, wëll ech nach eng Kéier betounen, datt de Marcel domat guer nët wollt optrompen. Hien huet dat zu Papeier gin, fir datt och déi Leit vun haut an déi, déi nach no eis kommen sech e kloert Bild iwer d'Situatioun vun deemools kënne maachen.

Ech selwer sin iwverzeegt, datt ech d'Bekanntschaft mat engem gudde Mënsch gemaach hun, dee keng Ongerechtegkete verdroe kann.

Eng spéit Frëndschaft, déi e brave Biirger mär hei ugebueden huet, hun ech vun Häerze gär acceptéiert.

Mé leschte Gedanke, mé leschte Blëck,
Gung un éch. meng Le'w zereck.



ZUM FROMMEN UNDENKEN
un den
Edmond THOMA

gebue'ren zu Be'derech, am 24. September 1921,
en ass erschoss gin zu Frankfurt, den 9. Mé 1944.

Trauert net, well der Do'd meng An zo
ge:ch'oss huet an hiën méch vun deser
Welt olgerull.

Mir gesin ons erëm dou'wen, am Himmel
an engem Léwen wo' nemmen Fréd ass, an
d'léd këng Plätz me' huet.

Imp. Winter frères, Rédange

Bei dëser Geleënheet wëll ech dann och nach kuurz un e gudde Jong vu Biekerch erënneren, deen dee selwechten Entschloss gefaasst hat a bei der éischter Geleënheet sech um selwechte Wee an d'Belsch ofgesat hat.

Hie wor zu Arel bei gutt Leit verstoppt wéi hie mat e puer aner Komeroden vun engem „Spitzel“ verrode gin as.

No vill Verhéieren a Folterungen as hien de 9. Mee 1944 zu Frankfurt erschoss gin . . .

A séngem leschte Brëif u séng Freiesch . . .

„Ketty . . . 't as 1 Auer . . . ém 2 Auer trifft eng preisesch Kugel mäin Häerz . . . Déi Kugel, déi mech trifft, trifft och Dech. Mär zwee haten eis d'Jowuert gin, fir eis nom Krich ze bestueden . . . De Krich huet et anescht wollt . . . Looss Du de Kapp nët hänken, Du bass nach jonk . . . awer vergiess mech nët . . .

Däin Edmond